ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Den Här Minister huet annoncéiert, datt eng ganz Rëtsch Stroossen am August solle fir Autosverkéier gespaart ginn, fir Plaz ze maache fir Vëloen. Dës Initiativ werft a mengen Aen e puer Froen op:

1. Wat ass d'Gesamtlängt vun de Stroossen, déi fir den Duerchgangsverkéier gespaart ginn?
2. Wat ass d'Längt vun den Ëmleedungen, déi fir Automobiliste virgesi sinn?
3. Ass gerechent ginn, wat fir eng Ëmweltbelaaschtung dës Initiativ bedeit, duerch déi méi laang Distanzen, déi d'Automobiliste musse fueren?
4. Ass dës Initiativ ofgestëmmt mat den touristeschen Instanzen a mat der Geschäftswelt vun deene betraffenen Uertschaften?
5. Ass et net esou, datt ëffentlech Stroossen virun allem e wirtschaftlechen Notzen hunn fir Salariéen a Gidder séier dohin ze bréngen, wou si gebraucht ginn?
6. Wat ass, ausser fir d'Nischespart vu Vëlostouristen, de wirtschaftlechen Notze vun dëser opwänneger Aktioun?
7. Äre Ministère mellt vill méi héich Vëloszuele fir d'Zäit vum Confinement a freet sech doriwwer. Wéi wäit ass den Zouwuess berufflech bedéngt a wéi wäit ass et just d'Auswierkung dovun, datt vill Leit net geschafft hunn an datt déi Gefierer mat Steiersuen héij subventionéiert ginn?
8. Sollte steierlech Subventiounen net der Wirtschaft déngen an net dem Finanzéiere vu Fräizäitaktivitéiten?

D'Freed iwwert déi gewuesse Vëlosaktivitéiten ass net ongedeelt. Foussgänger erliewen de matenee mam Vëlo net ëmmer positiv. Duerfir hunn ech och nach dës konkret Froen:

9. Wat gedenkt Äre Ministère ze maache fir d'Sécherheet vum Foussgänger ze garantéieren?
10. Gëtt an Zukunft méi genee reglementéiert, wou Vëloe mat wat fir enger Vitess fueren däerfen a wou net?
11. Gëtt an Zukunft méi streng kontrolléiert, ob Vëlosfuerer déi Weeër a Spueren, déi fir si bestëmmt sinn, och benotzen, respektiv, Trëttoiren, Foussgängerzonen, Geschäftsgalerien, ëffentlech Plaze a besonnesch och ëffentlech Groussmanifestatiounen, déi net fir si bestëmmt sinn, net benotzen?

12. Gesäit de Minister kee Sécherheetsrisiko dodran, datt ëmmer méi Leit ouni Übung an ouni de Code la route ze kennen op de Vëlo klammen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742